103,6 100,3 aut coll. 1

Didd schw. Z.

# D'Geschicht vun der Lëtz. Jug. am 2te Weltkr.

## D'Zwangsrekrutéiert an England II

An eiser viregter Sendung hate mir erzielt dass och Zw. de Wé an England fonnt haten. Dës Wé'er wore ganz verschidden. Déi eng waren zwar net direkt Deserteuren vun der Wehrmacht, mä aus verschidden Altersklassen hate sie sech fräiwëlleg an déi franséisch Fremdelegioun gemellt. Hir Dingschtzeit war eriwwer a sie kummen an England. Aner waren a Frankräich geflücht a vun do de Wé iwwert Spuenien an England. Aner konnten no der Landung vun den Alliéierten an de Fronten iwwerlafen oder waren désertéiert, verstoppt a gewart bis sie sech konnten den Alliéierten stellen. Dése Wé huet dann iwwert e Gefaangelager oder och mé geféiert, an Nord-Afrika, a Frankräich, d'Belsch, Holland an eso guer Amerika.

Mä all hate sech virgestellt, éng Kéier fort vun de Preisen sech kennen an enger Lëtzebuerger Armée sech um Preis kennen ze rächen.

Dest war awer leider net méglech, well ous Exil Regierung eben keng Armée op d'Bein gesat hat an eso sin ous Jongen, wé d'Lëtzebuerger eso oft an och nach haut, bei der Belsch gelant. D'belsch Exil Regierung sie hat mat der Hëllef vum engleschen Verdeedegungsministère eng Armee Unitéit geschafen. Wé schon de leschte Méndeg gesot huet des Unitéit ennert dem Kommando vum belschen Obérst Jean Piron aus 3 motoriséierten Infanteriefomatiounen, engem starken Grupp vu Panzerwën an enger Artellerie Abteilung vu je 4 Kanounen bestanen. D'Lëtzebuerger goufen an d'Artillerie Grupp C opgeholl déi spéider ennert dem Num "Luxembourg Battery" bekannt gouf.

Wé schon gesot déi meescht Lëtzebuerger edf sin dann och an England ewéi an e Gefaangelager kom. Hei goufe se vun engleschen Offizéier iwwert d'preisesch Militär ausgefrot a sin dann, déi eng mé séier, aner no längerer Zeit an dat bekannt Internéierungslager zou Knutsford kom.

D'Liewen an desem Internéierungslager war nach grandios, awer en Ënnerscheed wéi Dag an Nuecht pengéiwer de Kriegsgefaangelageren. Jiddereen war emol fro de Preisen endlech lass ze sin a war och bal erem frei. Am feinsten eraus waren déi, déi sech e bëssen ze organiséiere wossten. Am Schlechten haten et d'Tschechen. An desem Internéierungslager waren nämlech déi verschiddenst Natiounen. D'Tschechen haten en ständege Rekrutéierungs~~bureau~~ am Camp selwer. Offizéieren hunn liessen ~~sie~~ esouguer op der Platz ~~engen~~ e militäreschen Drill bei brénge. Weder d'Tschechen an och d'Jugoslawen sinn nie eng länger Zeit am Camp bliwen. De Russen allerdings ~~gong~~ ergong et am schlechsten. Sie waren an engem aneren Deel vum Camps ganz fir sech eleng a sin och nie mat aner Natiounen zesumme kom. Da konnt ên och feststellen dass an hirem Deel vum Camp andauernd Typpen mat langen ~~schwarzen~~ Ledermäntel a bréde schwarzen Hütt erem gegeistert sin, a bal all Dag ass ê gewuer ginn dass erem e Russ Selbstmord gemat hat.

D'Kiche war durch eng Stross vum eigentlechem Camp getrennt. Am Camp gouf et ~~et~~ e Wäsch an Duschraum, och en Obenthaltsraum. E Bau wo d'Wäsch konnt gedréchent gin, war ob esouguer eng Bibliothék. D'Lëtzebuerger waren mat der Leedung vum Camp beoptragt gin, se sie hun och d'Lagerpolizei gestalt.

Hei aus do kum och eng lëtzebuerger Militärkommissioun an de Camp. All Kéiers ass vill verspraach gin awer nemme wéineg gouw gehalen. A mé oder wéineger laangen Ofstänn si Lëtzebuerger a Gruppen aus dem Camp eraus geholl gin. Sie kummen dann an en Trainingslager nobei Monks-Kirby. Dest war e klengt Duerf an der Grofschaft Warwick. Fir d'Lëtzebuerger Kriegsfreiwelleg gouf dest e Begreff. e Stéck vun hirem Liewen. Hei gung nés en neit Liewen un. Voller Kraft an Zukunftsdreem. Déi nei Uniform huet nés Courage gemat, an de Militärdingscht huet kén all ze vill gedréckt. Et war zwar en Zeltdoheliewen, awer voller Ënnerzéiung an ohni Widderwöllen. Dest ganz am Gegesatz zou dem Liewen an der verhassten preisescher Uniform.

Am no enger kuerzer Musekpaus mat engem Marsch vun der Musique Militaire Royal des Guides Belge gëtt et weider

de Camp, well jo keng lëtzebuergesch Offizéieren an Ënneroffizéier zur Verfügung stungen, war ennert ~~[illegible]~~ britescher Militärleedung. Verschidden Ausbilder haten d'englesch Nationalitéit. De Militärdrill war hart awer fair. Egal wéi midd och ëmmer de Rekrut war, op de gewärten Ausgang ass nie verzicht ginn. Da gung ech ~~schnurstracks~~ schnurstracks op Coventry oder Rugby. Och a Birmingham huet é sech begéngt. Awer och am Camp selwer war fir Distraktiounen gesuergt. De Comptoir an der Kantine war ëmmer besat. Hei waren all Zorten vu Gedrénks ze fannen déi et an England deemols ginn ass. Donschdes war an enger improviséierter Disco d'Geleeënheet fir ze danzen an och Freides wann d'Meedercher aus der Ëmgéigend d'Erlabnes kruten fir an de Camp ze kommen.

Wéi de Krich eriwwer war ass de Camp a Monks-Kirby opgeléist ginn an d'Lëtzebuerger kummen an 2 nei Camp'en bei Leamington-Spa. Des Ëmstellung ass munchereenen schwéier gefall, an e konnt séng flott Zeit zu Monks-Kirby net eso liicht vergiessen. Dobäi war gewosst dass de Krich eriwwer war, kéng militäreschen Asaz war méi ze erwaarden, awer wéini komme mir heem? Dat war d'Fro déi ëmmer méi stark op d'Gemidder gedréckt huet. An d'Woche sinn vergaangen ouni dass eppes geschitt ass.

Loosst mer hei emol nach éng Parenthèse opmachen an iwwert d'Schicksaal vun den Zw.-g. erzielen déi iwwert Amerika no England kumen.

Wéi den 20ten Januar 1944 déi amerikanesch, englesch, franséisch a polnesch Truppen bei Nettuno an Anzio d'preisesch Stellungen ugegraff hun, hat sech e Grupp vun Elsässer, Lothringer a Lëtzebuerger bei der Wehrmacht aus dem Steps gemaat. Eng Irish Guards Eenheet huet sie opgehol mä well dese Stoßtrupp meindlech konnt mat hinnen ufänken hu sie se den ~~[illegible]~~ Amerikaner iwwerginn. Schon no e puer Deg ware sie op engem amerikaneschen Scheff an d'Rees gong no de Staaten. Am März 1944 hat d'Scheff d'amerikanesch Küst erreecht.

D'Gefangen kumen an en ideal Camp um ~~Fuss~~ Foss vum Pikes Peak am Colorado, bei Colorado-Springs. No 14 Deg gouwe se an e Camp fir Net-Deitscher an Tennessee transportéiert, dono an en anert Lager an North-Carolina.
Vun dei aus ass en 1ten schreftleche Kontakt mat de lëtzebuergescher Vertriedung zu Washington opgeholl gin. Obschon's meischt dorriwwer kin erfollegt ass, sin emmer erem nei Schreiwen op Washington geschéckt gin an dëse verlaangt gouf als Kriegsfreiwëlleger an England an eng do stationéiert Amerikanesch Militäreenheet opgeholl ze gin. Awer kéng Äntwert kom. Enn März kruten d'Lëtzebuerger Kanadesch Uniformen a gouwen aus dem Camp entloss. 15 Deeg mé'speed ware sie zu Portsmouth. Vun dei kome se an e Camp bei Huntsford, a ganz enttäuscht well se gemeengt haten an e lëtzebuerger Militärcamp ze kommen. Hei bleiwe se erem 3 Méint a kommen an 3 Gruppen endlech ob op Monsk-Kirby am Mee 1945. Vun dei mat dën aneren an eent vun dësen 2 Lageren bei Leamington-Spa.
Kleiner zou fir des Episode vun den elf déi an Italien iwwergeleef waren, an Amerika kumen an nes zeréck an England.
Den 19 Juli ~~1~~1945 schléit dann endlech d'Stonn vun der Heemrees. Per Eisebunn gétt et op Tilbury an do op en 20.000 Tonnen Liberty Scheff. D'Iwwerfahrt muss op Ostend war grauenhaft. De Sturm huet d'Schiff wé eng Nossschuel vu Well ze Well geheit an dé meischt Lëtzebuerger gouwe seekrank.
Vun Ostend geng et op Bréissel. Hei während 4 Deeg an eng Militär Kasären. Den Dag virun der Opréi huet jiddereen séng Waffen ofliewersen. Eso huet d'lëtzebuerger Regierung et gefuerdert. Nach eng Kéier paradéiren d'Lëtzebuerger an de Stroosen vu Bréissel um Wé fir op d'Gare.
A mam 31 Juli 1945 (de Krich war 3 Méint eriwwer) gëtt des Episod vun de Lëtzebuerger an England eriwwer. Den Transport huet no 9 stennegen Fahrt géngt 17 Auer an der Gare zou Lëtzebuerg un. Et ass ké grossen Empfang virgesinn.

Renommé Gendarmen a Polizisten mat Karabiner stinn do fir ous Jongen ze empfänken. Fir dén én oder aneren éng mé oder gross Enttäuschung. Vun do fore gétt et an d'Aldringer Schoul wo e Glas Wein an e puer Zoppekëschen offréiert ~~gett~~ gin. Beamte waren och do fir d'Formalitéiten vun de Jongen dé no Joeren erem héim kommen an d'Rei ze bréngen. Én nom aneren ~~ka~~ gétt dann entloss a ka sei Wé a seng Hémecht Vertschaft sichen. Well d'Familjen net am viraus prevenéiert waren oder éisch kurz festeg gewuer ware gin dass d'Engländer héim kom ~~wären~~ sin, ~~ass~~ stung ~~onverhofft~~ ob émol hire Jong nés virun hinnen. Iwert des Fréd trotz allem brauch hé net erziélt ze gin.

Och Diddelenger Jongen haten de Wé no England fond. Jidderén bal op éng aner Manné'er. Hir Nimm waren: Michaux Benn

Bentgen's Roger

Reger Aloyse a waren et och hé gebuerenen Diddeleng de Putze Jos.

Flott hu mir eng Kéier gelegentlech ~~dé~~ éinzel Geschichten vun dese Jongen hei ze erzielen. Fir haut emol Schluss mat deser allgemengen Erzielung vun dem dé deen hirt Schicksal sie an England verschloen hat.